International Meeschterschaften

Dammen an Hären A Weltmeeschterschaft zu Eygelshoven

2x Weltmeeschter, 1 Vize-Weltmeeschter a 5 x Drëtt Plaaz

Donneschdes, de 17/05/2018

Doris Melo mam Marcelline Della Modesta mat 581 Keelen an Christiane Huberty mam Moeller Marcelle mat 538 Keelen , hun et allen zwee am Tandem Dammen A an Final gepackt.

Doris Melo am Eenzel Dammen A matt 759 Keelen an der Final

Hoffmann Colette ass mat 697 Keelen ob die 5.Plaaz komm

Hären A Resultater Virlaaf

Däitschland 3429 Keelen
Holland 3294 Keelen
Lëtzebuerg 3220 Keelen
Belsch 3212 Keelen
Frankräich 3209 Keelen

Gespillt hu fir Lëtzebuerg :

Hoffmann Jean-Marc 819 K
Peter Jeannot 826 K
Schnorbus Jemp 833 K
Hoffmann Marc/Bargagna Berto 742 K

Lëtzebuerg an der Final

Hären A par équipe

Freides, den 18/05/2018

Am Eenzel Hären A hun de Schnorbus Jemp mat 860 Keelen an den Thies Roger mat 830 Keelen et an ½ Final gepackt

Marcelline Della Modesta an de Bargagna Berto sin als 4ert mat 600 Keelen an Final Mixte komm,

ob der 6ter Plaaz sin Moeller Marcelle an den Thies Roger mat 569 Keelen.

Samschdes, den 19/05/2018

Mettes ass et ugaangen mat dem Virlaaf Tandem Hären wou déi zwou Koppelen Hoffmann Jean-Marc/Peter Jeannot an Bargagna Berto/Hoffmann Marc et an ½ Final gepackt hun.

Dun ass et weider gaangen mat der Final vum Tandem Dammen wou die zwou lëtzebuerger Koppelen Melo Doris/Della Modesta Marcelline an Moeller Marcelle/Huberty Christiane vertruede wuaren Doris/Marcelline hun Bronze Medaille erspillt an Christiane/Marcelle sin ob déi 4ert Plaaz komm.

Sonndes, den 20/05/2018



Matt der ½ Final am Team Doppel Mixte ass moies ugefaangen gin do huet eis Koppel Doris Melo/Bargagna Berto et an Final gepackt mat gudden 855 Keelen dono ass et weider gaangen mat den Koppelen Hoffmann Jean-Marc an den Peter Jeannot an Hoffmann Marc an den Bargagna Berto déi ½ Final Tandem Häre gespillt hun .
Fir de Jean-Marc/Jeannot ass et mat 654 Keelen als 3 duergaangen fir d' Final a fir Koppel Berto/Marc déi ob déi gudd 6 Plaaz komm sin, ass leider net duer gaangen fir d'Final.

Op dëser Plaaz och emol e Merci un eis lëtzebuergesch Schiedsrichter, déi derbai waren, d'Rennié Carol an de Wagner Edouard.

Dono ass d' Final Doppel Team Mixte gespillt gin, do hun Doris Melo mam Bargagna Berto mat 809 Keelen déi éischt gëlle Medaille erspillt.
An d' Koppel Hoffmann Colette/Hoffmann Jean-Marc hun Bronzemedaille kritt.

A schlussendlech fir den Daag ofzeschléissen hun eis Häre A mat der Mannschaft Selwer Medaille geholl. Et hu gespillt den Hoffmann Jean-Marc 843, Peter Jeannot 835, Schnorbus Jemp 837 an Bargagna Berto 802 Keelen Reserve Hoffmann Marc an Thies Roger.

Meindes, den 21/05/2018



An weider geet et mat de Medaillen am Mixte hun d'Koppel Della Modesta Marcelline/Bargagna Berto sech déi zweet gëlle Medaille geholl am Tandem Mixte mat 693 Keelen. Am Tandem Häre hun de Peter Jeannot mam Hoffmann Jean-Marc Bronzemedaille geholl matt 667 Keelen



An zu gudder Lescht hun de Schnorbus Jemp mat 845 Keelen an Doris Melo mat 754 Keelen Bronzemedaille geholl am Eenzel.

Bravo eisen Sportler fir déi super Leeschtungen déi ganz Woch, a Respekt u verschidde Spiller, déi an dëser ustrengender Woch alt bis zu 600 Klatzen gespillt hun.

A Gedanken bei dir gudde Frënd …….déi si fir dech Fernand Biver…